

Fëscher, Jeeër an Hondsfrënn





Organe officiel de la
Fédération Saint-Hubert des Chasseurs du
Grand-Duché de Luxembourg a.s.b.l.

Sous le Haut Patronage
de Son Altesse Royale le Grand-Duc

Adresse Postale :

Bureau: 15, rue de l'École • L-9167 Mertzg
Tél.: 26 88 09 88 • Fax: 26 88 09 89
E-mail: info@fshcl.lu
Internet: www.fshcl.lu • www.juegd.lu

Président :

Jo Studer
Boîte postale 1771 • L-1017 Luxembourg
Tél.: (+352) 49 89-1
E-mail: stj@provencale.lu

Vice-présidents :

Marc Reiter
1, Zankerknupp - L-9170 Mertzg
Tél.: (+352) 88 81 12-1
E-mail: marcleiter@erg.lu
Georges Rinnen
2, route de Bastogne - L-9706 Clervaux
Tél.: (+352) 92 97 01
E-mail: georges.rinnen@rinnen-clervaux.com

Secrétaire général :

Richard Frank
25, Latterbach • L-9170 Mertzg
Tél.: (+352) 621 191 999
E-mail: richard.frank@education.lu

Comité de rédaction :

Rédacteur responsable: Luc Bohler
15, rue de l'École • L-9167 Mertzg
Tél.: 26 88 09 88 • GSM: 621 294 453
Fax: 26 88 09 89 • E-mail: info@fshcl.lu
Richard Frank, Georges Jacobs,
Laurent Metzler, Guy Schank, Monique Weber

Comptes de la FSHCL :

CCPLLULL LU68 1111 2167 0103 0000
BGLLLULL LU91 0030 8232 6358 0000
CCRALULL LU53 0090 0000 0500 6382
BCEELULL LU65 0019 1755 6404 6000
BILLULL LU29 0027 1717 5613 8200

Compte Assurance - rabatteurs :

CCPLLULL LU60 1111 2142 8007 0000



Organe officiel de la Fédération
Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs
a.s.b.l.

placée sous le Haut Patronage de S.A.R.
le Grand-Duc Jean de Luxembourg †

Adresse Postale :

47, rue de la Libération • L-5969 Itzig

Président :

Jos Scheuer
29, rue Maximilien
L-6463 Echternach
jos.scheuer@flps.lu

Rédaction Fëscher :

Claude Strotz, coordinateur responsable
Rédacteur(s) Claude Strotz / Jos Scheuer
fjh@flps.lu

Section Compétition :

Président: John Grün
Secrétaire: John Grün
competition@flps.lu

Section de Compétition Dames :

dames@flps.lu

Section Pêche en Mer :

Président: André Biver
Secrétaire: Gilbert Zangerlé
mer@flps.lu

Section Pêche à la Mouche :

Président: René Kleman
Secrétaire: Claude Strotz
mouche@flps.lu

Section Jeunes :

jeunes@flps.lu
Bureau de la FLPS:
47, rue de la Libération • L-5969 Itzig
Tél.: 36 65 55
secretariat@flps.lu
www.flps.lu

Heures de bureau :

Lundi, mercredi, vendredi: 9h00-12h00
CCPLLULL: LU84 1111 0095 0192 0000
BCEELULL: LU93 0019 5300 0148 6000

Secrétaire fédérale :

Mme Joëlle Braun

Rédaction Internet :

Claude Strotz • webmaster@flps.lu



Organe officiel de la Fédération Cynologique
Luxembourgeoise (A.s.b.l.) (F.C.L.)
Membre de la Fédération Cynologique
Internationale (F.C.I.)

Adresse Postale :

FCL - B.P. 69 - L-4901 Bascharage

Président honoraire :

Jacques Mersch †

Présidente honoraire :

Mme Gitty Schwab

Président :

Raymond Jung

Secrétaire Général :

Serge Messenger

Tél. 621 52 22 61 ou 50 28 66

E-mail: fcldogoffice@gmail.com

Internet: fcl-dog.lu

Comptes de la FCL :

CCPLLULL LU70 1111 0324 9702 0000

BGLLLULL LU69 0030 7513 9769 0000

Gérant du Livre des Origines

Luxembourgeois (L.O.L.) : Raymond Jung

Compte du L.O.L. :

CCPLLULL: LU93 1111 0061 5039 0000

Membres de la FCL :

Centrale du Chien d'Agrément et de

Compagnie (CCAC)

Présidente honoraire: Mme Gitty Schwab

Président: Raymond Jung

Secrétaire: Serge Messenger

E-mail: secretaire@ccac.lu

www.ccac.lu

Centrale du Chien de Chasse (CCC)

Présidente: Malou Grasges

B.P. 84 • L-8501 Redange

Tel. 621 705 246

E-mail: ccc@jagdhunde.lu

Internet: www.jagdhunde.lu

Centrale Luxembourgeoise du Sport pour

Chiens d'Utilité (CLSCU)

Vice-président: Jost Steve

Secrétaire: Luis Celia

E-mail: clscu.vr@gmail.com

Caissière: Remacle Alice

Inhaltsverzeichnis

Jeeër

Editorial Dezember 2022	5
Berichte über die Sitzungen des Comité Directeur	7, 9
Berichte über die Sitzung des Comité Central	8
Über einen Tombolastand beim Jägerball ...	10
Et war nees Haupeschemass ...	17
D'Haupeschemass um Concours	19
Vum Bësch op den Dësch - Wëlfdonue fir Sylvester	21
Cliernwer Juegdbleiser 2022	22
ANF-News - Europäische Biber in Luxemburg	23

Fëscher

D'Wuert vum President	27
D'Vereinsliewen	
Aus dem Verbandsliewen	28
Bericht zur Sitzung des Zentralvorstandes	
Aus de Veräiner a Sektouneen	29-36
Resultat aus de Landesmeeschterschaften 2022	
41. WM vun de Veräiner 2022 zou Ronquière an der Belsch	
6ten Challenge « Fëscherliss »	
75 Joer Sportfëscher Club Ettelbréck	
Eis Fëscher, eis Baachen a Flëss	37-38
Parlamentaresch Ufro: Vill Text fir naischt ze soen ...	

Hondstrënn

FCL Deck- Wurfmedlungen bis zum 11/11/2022	39
In Memoriam Hans Müller / Fred Devitt	39 / 40
Inauguration du 1 ^{er} Mémorial	41
CCC VGP in Hessen	45
National Schweesprüfung CCC	46
Herbstzuchtprüfung	47
Resultate VGP am 10.11.09.2022	48
CLSCU Weltmeeschterschaft am IGP	49
Coupe de Luxbg IGP / Champ. de Luxbg Agility	50

Périodique bimestriel

de la Fédération Saint-Hubert des Chasseurs du
Grand-Duché de Luxembourg, de la Fédération
Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs et de la
Fédération Cynologique Luxembourgeoise

Tirage: 7.000

Prix de vente: 2,23 €

Régie publicitaire: Luc BOHLER

15, rue de l'École • L-9167 Mertzg

Tél.: 26 88 09 88 • GSM: 621 294 453

Fax: 26 88 09 89 • E-mail: info@fshcl.lu



Layout: Yvette Rehlinger

Impression: PRINTING ossa

Les opinions exprimées dans cette revue n'engagent
que la responsabilité de leurs auteurs et ne reflètent
pas nécessairement les vues des Fédérations. Les
consultations ou avis d'ordre juridique donnés par
les Fédérations n'engagent pas leur responsabilité.

Les textes peuvent être reproduits à condition que la
source soit mentionnée.



No 6 - Décembre 2022

Photo couverture: © Eugène Reiter

Clôture de rédaction du no 1/2023
lundi 30 janvier 2023



No 6 – Décembre 2022

Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs a.s.b.l.

Placée sous le Haut Patronage de S.A.R. le Grand-Duc Jean de Luxembourg

Rédaction : Jos SCHEUER, Claude STROTZ • e-mail: fjh@flps.lu



D'Wuert vum President

D'Vereinsliewen



Den Ettelbrecker Sportfëscher-veräin huet seng 75 Joer gefeiert an enger Feier, déi beispillhaft gelonge wor.

Si huet dokumentéiert, wéi e Veräin an enger Uertschaft kann verwuerzelt sinn. Dat gëllt sécher och fir déi allermeescht vun eisen FLPS-Veräiner. Vill sinn entstanen op Initiativ vun engem Grupp, deen als gemeinsamen Hobby d'Fëschen hat. Iwwert d'Aarbecht woren si verbonden. Dës

„Betribséquip“ gëtt et och nach haut. No enger gewëssen Zäit hunn déi meescht sech dunnt integréiert an eiser Federatioun, an enger Daachorganisatioun also, déi den nationalen an internationalen „Betrib“ assuréiert huet.

Zu Ettelbréck woren et Eisebunner, déi un der Wéi vun dem Sportfëscher Club stoungen.

Apropos Aarbecht a Fëschen: Heiansdo erreechen d'FLPS och haut nach Demanden fir eng Fëschstreck ze reservéieren fir net federéiert Betribsequippen, déi net wëllen a Konflikt mat engem Meeschterschaftsfësch kommen. Dat erënnert un een neie „Créneau“, dee schonns eng Plaz fonnt huet am nationalen an internationalen Organisatiounskalenner vun CIPS/FIPS, nämlech dem „Streetfëschen“, am Ufank praktizéiert vun Aarbechtskolleegen an der Mëttespaus.

Fir d'Sportfëscher wor d'Fëschen méi ewéi d'Beschafen vun enger Bakescht Routaen oder Brëssemen. Et hat, wéi haut och nach, eng gesellschaftlech Komponent.

An dat ass virun net allze laanger Zeit honoréiert ginn vun der Politik. Eis Archiven dokumentéieren, wat bei der Péiteschfeier „lass“ war. D'Regierungsmemberen an d'Deputéierten hunn op der Eierentribün gesiess a sinn esouguer un der Spëtzt vum Cortège virun iwwer dausend Fëscher mat der Aangel um Réck gaang. Tempi passati, mä zu Ettelbréck hunn d'lokal Politiker nach ëmmer drop gehalen, fir och hir Solidaritéit an hire Versteedsdemech fir d'Faszinatioun, déi vum Fëschen ausgeet an der Praxis um Terrain ëmzesetzen.

Dofir en eeschten Opruff un eis Veräiner, fir sech um ëffentleche Liewen ze bedeelegen. Weist, dat et iech gëtt, weist et duerch är Präsenz bei Manifestatiounen, weist et duerch är eegen Organisatiounen.

Zweet Iwwerleeung: D'Konditiounen fir een erfollegräich Veräinsliewen musse stëmmen. E Veräin brauch dofir een Heem, eng Plaz, wou een sech begéinen kann, wou een sech austausche kann iwwert de gemeinsamen Hobby, wou och kann gefeiert ginn. Dat ass zu Ettelbréck de Fall, a wann dann déi „Häip“ och nach um Waasser leit, dann stinn d'Zeeche gutt, fir dat d'Memberen sech wuel fillen an dat eng komerodschaftlech Atmosphär ka gefleegt ginn.

Drëtt Iwwerleeung, an déi gëllt fir eng Rei vun eise Veräiner: Eng Fëscherei, déi gepacht ass, vermëttelt ëmmer d'Gefill vu Fräiheet, vun Onofhängegkeet. Et verfügt een iwert eng Streck, déi ee selwer besetze kann, et geet een déi Schéiner eraus, déi ee wëll. Et verfügt een iwert d'Kontroll. Domat stinn och d'Memberen, an iwwert si de Comité, an der Verantwortung fir d'Qualitéit vun der Fëscherei a vum Veräinsliewen.

Niewebäi gesot, ech hat versicht, fir e grouse Weier fir d'FLPS ze pachten. Déi Initiative huet sech zerschloen aus villen Ursachen. Eng dervu wor sécher déi, dat den Zentral Virstand nimools d'Gestioun hätt kënnen garantéieren. Sécher ass awer, dat déi FLPS-Veräiner, déi eng Streck gepacht hunn oder esouguer Proprietär vun engem Weier sinn, eng gutt Chance op ee méi intensiiv Veräinsliewen hunn.

Véierte Gedanken: D'Pfleeg vun de Souveniren, d'Wëssen, wéi de Veräin sech entwéckelt huet, wou hien hierkënn, wien seng Membere woren... dat sinn Elementer, déi d'Verwurzelung an enger Uertschaft, an enger Gemeng an esouguer an enger Region dokumentéieren. Feiert äre Jubiläum!

Ech mengen, dat d'FLPS sech no bausse gewisen huet als Verband, deem seng Memberen, d'Fëscher an d'Frënn vun der Fëscherei, sech asetzen fir propper Gewässer, fir d'Diversitéit vum Liewen am Waasser.

Looss mer och demonstréieren duerch eis Präsenz an der Ëffentlechekeet, dat mir e Stéck vum gesellschaftleche Liewen an eisen Uertschaften an zu Lëtzebuerg sinn.

Jos Scheuer



Aus dem Verbandslieden

Bericht zur Sitzung des Zentralvorstandes vom 24. Oktober 2022

1. Der **Bericht** zur Sitzung des Zentralvorstandes vom 21. September wird einstimmig angenommen.

In der Diskussion wird festgehalten, dass die Klassierungen der Vereinsmeisterschaft und der Sektionsmeisterschaften noch überprüft und in der nächsten Ausgabe des FJH veröffentlicht werden,

2. **Berichte aus den Sektionen**

Die Meisterschaften sind abgeschlossen, Die Vorstände sind eingeladen Bilder und Berichte ihrer Generalversammlungen an das Sekretariat einzureichen zwecks Veröffentlichung,

Section Jeunes: Der ZV ist besorgt über den Mangel an Nachwuchs. Eine Reaktivierung des Vorstandes ist dringend erforderlich.

Section Dames: Ein Gerichtsverfahren ist anhängig zwecks Wiederbeschaffung der in der Kasse fehlenden Gelder.

Der bestehende Kassenbestand soll genutzt werden, um eine Wiederaufnahme der Sektionsaktivitäten zu erleichtern.

3. Der ZV befasst sich intensive mit den anstehenden wichtigen **Versammlungen**, Kalenderkongress und Vorständekonferenz sowie dem Nationalkongress.

- Vorbereitung von Anträgen
- Aufstockung des Zentralvorstandes

- Reaktivierung der problematischen Sektionen
- Verhältnis zu Verwaltungen und Politik u.a.m

4. Der Präsident berichtet über den Verlauf der Sitzung der **Grenzfischereikommission**, welche von den Beamten des Luxemburger Wasserwirtschaftsamtes im Biodiversum geleitet wurde.

Festzuhalten sind lediglich folgende Punkte:

Die Umsetzung des Hegeplanes soll durch eine minimal von 3-4 Personen besetzte Gruppe in die Wege geleitet werden.


Eine zweite Gruppe soll sich mit der Erstellung einer besonderen App in Bezug auf die Grenzgewässer befassen.

Die beiden Vertreter der FLPS, Jos Scheuer und Claude Strotz haben darauf hingewiesen, dass diese App sich auf das Angeln in den Grenzgewässern beziehen muss.

Die FLPS hat vorsorglich sofort Strotz Claude und den Gewässerkoordinator Carlo Hardt als aktive Mitglieder in den entsprechenden Gruppen vorgeschlagen.

Fazit: Die Probleme der Angler (und der Fische!) wurden kaum angesprochen.

JS/ PM



maachen ee Noruff vun all hiren Mëmbere den ons teschend 2018 an 2021 fir ëmmer verlooss hunn.

Ob dëser Foto aus dem Joer 2005 si schon vill Fëschere net méi ënnert ons.

Merci fir di vill flott Stonnen déi mir mat iech hunn dierften verbréngen.

Léif Frënn, mir wäerten iech fir ëmmer a ganz gudder Erënnerung behaalen.



Ons verstuewen Mëmbere, di Hären:

Frisch Ed.	† 24.08.2018	Wolles Claude	† 29.01.2020	Drucker Henri	† 19.05.2021
Fux Paul	† 28.09.2018	Kartheiser Jos	† 15.03.2020	Kirsch Raymond	† 05.09.2021
Schmitz Nicki	† 31.10.2018			Pickel Marcel	† 21.12.2021



Aus de Veräiner a Sektioneen

Resultater aus de Landesmeesterschaften 2022

Section Compétition



Herrlecht Hierschtwieder beim leschten Duerchgang vum Championnat 2022 zu Réimech

Name	Wittring / F			Wittring / F			Creutzwald / F			Creutzwald / F			Mosel / L			Mosel / L			Total	
	Plz	gr.	Pkt	Plz	gr.	Pkt	Plz	gr.	Pkt	Plz	gr.	Pkt	Plz	gr.	Pkt	Plz	gr.	Pkt	P.	gr.
Weber Marc	16	1395	2	5	2113	5	23	8205	1	6	5710	1	22	5595	1	4	6975	2	12	29993
Schmitt Fern	15	962	4	22	1630	4	12	2040	5	17	6770	1	2	3930	1	19	8405	1	16	23737
Schmitt Jerome	17	1250	2	4	1070	7	22	7075	2	15	6995	1	9	3845	3	18	7180	3	18	27415
Braun Steve	10	1149	3	3	2343	4	24	6045	5	13	5260	3	20	4465	2	6	6620	3	20	25882
Gil Michael Car.	21	677	5	8	3189	1	2	3805	3	19	5805	4	7	2685	6	2	8985	1	20	25146
Wallerich Yann	4	729	6	9	1910	1	15	3465	2	22	5970	3	14	3465	6	17	8240	2	20	23779
Meis Frank	9	1487	1	21	1721	3	7	3700	5	14	4875	6	4	3220	4	14	7430	1	20	22433
Conrady Pit	3	1337	3	23	2515	2	5	2565	7	24	6340	2	11	5520	1	9	3930	5	20	22207
Thinnes Mike	13	774	6	1	2899	2	6	3850	2	10	6185	2	21	3450	4	5	4750	5	21	21908
Stranen Roger	5	1337	3	24	4296	1	10	1940	6	3	4320	4	12	3970	2	21	5010	5	21	20873
Jadin Serge	24	2886	1	13	1148	3	11	2190	4	7	5060	2	3	2420	7	20	5800	4	21	19504
Tarayre Alain	8	4520	1	20	1570	5	18	6035	6	11	5195	4	18	3325	5	1	6045	4	25	26690
Koenig Romain	19	1101	3	2	2500	3	9	4110	1	21	5710	5	15	2710	7	11	2690	7	26	18821
Zwick Romain	11	867	5	7	1403	6	1	3950	1	12	4490	8	5	3725	2	7	3125	6	28	17560
Raach Valentin	2	834	5	19	856	7	20	6485	3	16	5160	5	10	3580	4	16	3700	7	31	20615
Bernard Bob	6	599	7	10	1367	2	4	1415	8	9	4550	7	1	3575	3	10	3300	6	33	14806
Gang Stephane	22	1070	4	15	770	7	13	475	8	1	4560	3	6	2920	5	15	4490	6	33	14285
Schreiner Jean	1	2044	2	12	1043	4	3	2630	6	23	4865	6	13	1195	8	abs	0	8	34	11777
Steffen Kevin	20	549	6	16	847	6	14	885	7	18	4370	8	17	3120	6	13	4875	3	36	14646
Streveler Dan	18	340	8	11	921	5	17	4480	8	4	2675	8	16	2530	7	12	5670	2	38	16616
Draut Yves	14	602	8	18	767	8	8	3730	4	20	4550	7	19	1920	8	8	4695	4	39	16264
Kleinbauer Raym	23	376	7	6	629	8	16	2710	3	5	2760	7	8	1670	8	3	2395	7	40	10540
Steffen Mike	12	653	7	17	1131	6	19	5030	7	2	4260	5	abs	0	9	abs	0	8	42	11074
Laermans Arnaud	7	523	8	14	641	8	21	0	9	8	0	9	abs	0	9	abs	0	8	51	1164

Section Pêche à la Mouche




Section Mouche virun der leschter Manche um See vun La Strange an der Belsch.

 Championnat National FLPS Section Pêche à la Mouche (Classement Categorie) 2022 								
CLASSEMENT GENERAL	Non du compétiteur	RABAIS Points	UEWERSAUER Points	GRENZSAUER Points	La Strange Points	Total poissons	Total points poisson et cm	CLASSEMENT total points
Seniors								
1	STROTZ Claude S	6	5	8	10	54	2880	29
2	SCHEUER Ben S	11	6	10	4	46	2485	31
3	PAULY Ben S	4	18	8	4	57	2970	34
4	HASTEDT Guy S	4	18	8	5	47	2620	35
5	BARTHOLME Patrick S	9	20	8	14	33	1673	51
6	BRICKLER Steve S	19	15	6	13	27	1337	53
7	SCHOLTES Daniel HC	15	9	26	4	42	2278	54
8	DECKER Philippe S	26	15	8	13	25	1275	62
9	BARTHOLME Joe S	20	12	26	9	24	1339	67
10	BISENER Paul S	11	5	26	26	24	1237	68
11	HARDY Philippe HC	18	12	26	16	24	1256	72
12	BUSO Marc S	17	7	26	26	18	902	76
13	CHARLIER Frédéric S	14	11	26	26	16	858	77
14	VAN DE ROSTYNE Philippe HC	26	22	26	4	29	1635	78
15	KAES Alain HC	19	25	26	16	12	672	86
Masters								
1	SCHODER Jean-Pierre M	3	6	4	2	37	2069	15
2	THOMA Raymond M	5	3	12	6	18	1028	26
3	KLEMAN René M	5	8	6	7	16	893	26
4	LORANG Guy M	7	12	6	5	18	1027	30

Total poissons pris : 567

Barbeaux	1
Black Bass	6
Chevesnes	37
Gardons	2
Hôtus	0
Ombles de fontaine	0
Ombres chevalier	11
Perches	4
Sandre	131
Truite arc en ciel	359
Truites Fario	
Truite Tigre	8
Vandoises	



Le plus grand Poisson 2022
CHARLIER Frédéric TRUITE ARC 52 CM

Jury 2022

Kleman René
Strotz Claude
Buso Marc
Schoder Jemy
Brickler Steve

*HC= Hors Concours



Master an Veteranen



© Erny Schweitzer

Masters - Championnat 2022

Numm	1. Manche den 17/05/2022 Messancy			2. Manche den 25/06/2022 Remerschen F1			3. Manche den 02/07/2022 Remerschen Schwammweiler			4. Manche den 10/09/2022 Dun sur Meuse (F)			5. Manche den 20/09/2022 Neufchâteau (B)			6. Manche den 01/10/2022 Musel Réimech			Total		Klassement mat engem Streichresultat	
	Stand	Gewicht	Pte	Stand	Gewicht	Pte	Stand	Gewicht	Pte	Stand	Gewicht	Pte	Stand	Gewicht	Pte	Stand	Gewicht	Pte	Gewicht	Pte	Gewicht	Pte
1 Brandenburger M.	15	9.570	4	7	4.480	3	1	4.966	1	n.p.	0	13	23	5.020	2	6	832	7	24.868	30	24.868	17
2 Burais M.	20	10.569	3	n.p.	0	13	9	211	4	19	654	7	13	3.624	5	3	2.347	2	17.405	34	17.405	21
3 Halinak M.	22	2.155	11	8	4.690	2	10	68	9	23	1.310	6	18	5.185	1	4	1.125	4	14.533	33	12.378	22
4 Barthels P.	17	5.323	7	1	3.480	5	5	250	3	16	2.380	2	15	423	11	11	911	8	12.767	36	12.344	25
5 Quintus R.	18	12.549	2	3	3.710	4	2	64	11	22	2.990	1	20	1.201	10	12	744	9	21.258	37	21.194	26
6 Dostert R.	23	5.640	6	5	2.270	7	6	140	6	20	120	11	17	2.863	7	1	2.445	1	13.478	38	13.358	27
7 Gaertner Y.	24	13.269	1	2	6.030	1	7	66	10	18	590	8	22	1.996	8	5	585	10	22.536	38	22.470	28
8 André D.	13	5.236	8	4	1.930	8	4	70	8	14	1.413	5	14	4.567	4	9	1.760	3	14.976	36	14.906	28
9 Schertz R.	21	3.295	9	9	2.440	6	2	260	2	13	245	10	21	1.620	9	2	953	5	8.813	41	8.568	31
10 Mohr N.	16	9.154	5	6	1.840	9	11	200	5	21	2.280	3	16	367	12	7	485	11	14.326	45	13.959	33
11 Rotondo V.	14	2.603	10	11	1.770	10	n.p.	0	13	15	287	9	19	4.863	3	10	810	8	10.333	53	10.333	40
12 Kiesch P.	19	0	13	10	1.490	11	8	106	7	17	1.490	4	24	3.521	6	7	163	12	6.770	53	6.770	40
Total	79	363		34.130			6.401			13759			35.250			13160			182.063		178.553	

Vétérans - Championnat 2022

Numm	1. Manche den 17/05/2022 Messancy			2. Manche den 25/06/2022 Schwammweiler Remerschen			3. Manche den 02/07/2022 Remerschen F1			4. Manche den 10/09/2022 Dun sur Meuse (F)			5. Manche den 20/09/2022 Neufchâteau (B)			6. Manche den 01/10/2022 Musel Réimech			Total		Klassement mat engem Streichresultat	
	Stand	Gewicht	Pte	Stand	Gewicht	Pte	Stand	Gewicht	Pte	Stand	Gewicht	Pte	Stand	Gewicht	Pte	Stand	Gewicht	Pte	Gewicht	Pte	Gewicht	Pte
1 Merten P.	5	22.960	1	n.p.	0	11	10	5.348	1	3	6.130	2	3	5.442	2	20	1.198	4	41.078	21	41.078	10
2 Petro S.	1	19.760	2	2	169	5	7	3.422	5	2	3.091	4	2	4.061	4	22	3.511	1	34.014	21	33.845	16
3 Pletgen V.	n.p.	0	11	3	2.537	2	9	4.804	3	6	2.285	5	1	3.314	6	21	2.198	3	15.138	30	15.138	19
4 Telen B.	n.p.	0	11	1	554	3	3	4.895	2	9	171	7	7	6.658	1	13	774	8	13.052	32	13.052	21
5 Thiel F.	8	2.360	6	8	61	8	8	3.154	6	10	3.109	3	5	3.535	5	19	2.447	2	14.666	30	14.605	22
6 Retter M.	7	11.570	4	9	203	4	5	4.263	4	5	884	6	9	1.823	7	18	1.589	5	20.332	30	18.509	23
7 Seyler M.	6	350	7	4	148	6	2	2.695	7	1	8.140	1	6	5.059	3	14	1.350	6	17.742	30	17.392	23
8 Delles J.	9	15.220	3	5	143	7	6	2.162	8	7	30	8	4	801	8	15	1.297	7	19.653	41	19.623	33
9 Welter J.P.	3	270	8	6	2.737	1	1	1.149	9	8	0	10	8	377	10	17	284	10	4.817	48	4.817	38
10 Risch Suzette J.	4	0	10	7	30	9	4	710	10	4	0	10	10	420	9	16	311	9	1.471	57	1.471	47
11 Leonard G.	2	6.390	5	n.p.	0	11	n.p.	0	12	n.p.	0	12	n.p.	0	12		0	12	6.390	64	6.390	52
Total	78	880		6.582			32.602			23.840			31.490			14.959			188.353		185.920	



© Erny Schweitzer

Section Jeunes

1. Durchgang am 23.04 2022 am Carpodrome F1 in Remerschen

Resultat:

U15 Raach Maik 1 P 29830 gr. | Bernard Lilly 2 P 17000 gr. | Heinisch Jeff 3 P 4400 gr.

U20 Sinner Ivic 1 P 16990 gr.

Wie an den Resultaten unschwer zu erkennen ist, waren die Fische in Beißlaune.

Nach dem Durchgang spendierte die Section das Mittagessen. Vielen Dank an Trainer Bob.

2. Durchgang am 28.05.2022 am Weiher in Petingen

U 15 Bernard Lilly 1P 19380 gr | Colaco Samuel 2P 15570 gr | Raach Maik 3P 5630 gr | Heinisch Jeff 4P 5350 gr.

Ein Angeltag bei strahlendem Sonnenschein und Essen vom Grill.

Wir bedanken uns beim Petingen Verein für die Unterstützung.

3. Durchgang am 30.10.2022 in Remich an der Mosel

U 15 Raach Maik 1p 4150 gr. | Bernard Lilly 2p 2945 gr. | Heinisch Jeff 4p 0 gr.

Auch zum Abschlussdurchgang schien die Sonne, allerdings fehlten einige Teilnehmer.

Schlussklassement:

Meister in der Kategorie der U 20 wurde **Ivic Sinner** mit 7 Wertungspunkten

Meister in der Kategorie U15 wurde **Raach Maik** mit 5 Wertungspunkten

- punktgleich mit **Bernard Lilly**, aber mit 285 gr. weniger Fanggewicht.

Raach Maik	5P	39610 gr.
Bernard Lilly	5P	39325 gr.
Heinisch Jeff	11P	9750 gr.
Colaco Samuel	12P	15570 gr.

Auch in diesem Jahr waren leider nur wenige Jugendliche bei den Meisterschaften gemeldet.

Bitte vermittelt euren Kindern den Spaß an der Natur und am Fischen in der Gemeinschaft, damit unser schönes Hobby noch lange Bestand hat.

Gez: der Vorstand der Section Jeunes



Raach Maik



Bernard Lilly

Fëschweiher ze pachten

Grundstück (30 a) mit 4 gut erhaltenen Fischteichen im Norden Luxemburgs (Knaphoscheid)
ganzjährig zu verpachten! – Tel: 691 702 265





Section Mer



CHAMPIONNAT NATIONAL 2022 – (Pêche en Bateau)

		LM1				LM2				LM3				LM4				LM5				LM6				Classement final			
		Places	Points	Nombre	Max	Places	Points	Nombre	Max	Places	Points	Nombre	Max	Places	Points	Nombre	Max	Places	Points	Nombre	Max	Places	Points	Nombre	Max	Somme Places	Somme Points	Somme Nombre	Max
1	PEPIN Tom	2	510	15	32	4	407	12	30	4	168	5	25	5	407	12	28	2	555	17	26	1	852	26	27	9	2323	70	32
2	MICUCCI Giovanni	9	288	9	24	7	358	11	26	1	626	19	27	10	164	5	24	1	729	22	27	3	680	21	25	12	2393	73	27
3	ROYER René	4	560	16	32	2	458	14	25	3	443	13	48	4	393	12	26	9	433	13	26	12	300	9	27	13	1854	55	48
4	MEYER Andreas	3	447	13	33	6	333	10	27	2	292	9	24	12	131	4	26	4	539	16	29	5	491	14	38	14	1769	52	38
5	WAGNER Fred	1	708	21	29	5	395	12	30	9	215	6	43	7	399	12	29	7	463	13	55	10	383	12	23	20	1965	58	30
6	JUNGERS Henri									10	130	4	24	1	512	15	33	8	343	10	33	2	842	26	27	21	1827	55	33
7	PAGJEN Jessica	7	377	11	32	8	298	9	28	11	95	3	23	6	324	10	25	5	469	14	27	4	494	15	27	22	1664	50	32
8	SCHAAF Steve	8	352	10	33	10	330	10	27	6	167	5	28	9	331	10	24	3	596	18	26	7	428	13	25	24	1543	46	33
9	REMY Guy	12	138	4	27	9	243	7	31	5	429	13	27	3	458	14	26	11	347	10	27	8	424	13	26	25	1554	47	31
10	STEMPER André	5	478	14	28	11	161	5	24	7	229	7	25	2	460	14	26	12	133	4	24	11	358	11	27	25	1525	46	28
11	SCHEIFER John	6	420	13	24	12	138	4	30	8	164	5	26	8	192	6	24	6	437	13	27	6	484	15	26	26	1533	47	27
12	HANSEN Jean-Pierre	10	262	8	25	3	365	11	27	12	66	2	25	11	292	9	24	10	303	9	25	9	427	13	25	32	1357	41	27
	PEFFER Pierrot	11	170	5	26	1	536	16	30																				




41. WM vun de Veräiner 2022 zou Ronquières an der Belsch

Mir Hollerecher waren ganz houfreg fir op dëser WM zou Ronquières an der Belsche vum 18 – 24 Juli deel ze huelen. Mir haten eis top preparéiert. Wat een vum Organisateur net ka soen.

E puer Saachen muss ech iech opzielen. Um 1 Training sollt den Haaptorganisateur Roland Marcq eis en Ziedel op Streck bréngen fir eis ze soen wou mir déi 4 nächst Deeg géingen sëtzen. Dass ni en Ziedel ukomm a mir hunn missten kucken dass mir des Informatiounen géingen kréien. Bei der Ouverture krut all Participant 2 Consommationen gratis. No enger hallwer Stonn war näischt méi do fir ze drénken. Dobaussen waren et 37 Grad an der Hall 45°. Den Lëtzebuerger Fändel haten se och nach ëmgedréit opgehaangen an, an, an ... Den Ofschlossbanquet huet pro Person 100 € kascht. E war nach keng 40 € wäert. Um Buffet war mol keen Dessert virgesinn. Gedréinks dat mer zegutt haten fir 10 Mann waren: 2 Flaschen Wäin an 4 Flaschen Waasser. All aner Gedréinks hu mer missen bezuelen. All kleng Concours zou Lëtzebuerg ass besser organiséiert.

E kengt Beispill wéi mer an der Belsch gehéisch hunn.



Sportfëschervain Hallreck

Mir hunn awer och gefëscht. Den Kanal wou mer gefëscht hunn hat eng Déift vun 3 – 5 Meter an ass 50 – 60 m bréit. Dëse Kanal verbend Charleroi mat Bréissel an ass 1832 ageweit ginn.

Den 1. Training souze mer am Secteur E. 3 Mann vun eis haten 1 Bréissemer vum 1 kg gefaangen. Dat décksten Gewiicht louch bei 2 kg. Déi 3 aner hunn op de Gobbie gefëscht. Hei hat een Fëscher a 4 Stonnen 280 Gobbien fir 1175 gr. 4,19 gr. an der Moyenne???? Net grad berauschend. Resultat vum 1. Dag war schonn trotzdem villversprechend. Déi 3 aner Deeg souzen mer an den Secteuren B D an A. Hei waren Resultater net esou gutt awer och net schlecht. An deene 3 Deeg hu mer vill probéiert. Eis Taktik fir den 1 Manche war dass déi 5 Mann géien op de Gobbie fëschen. Domat kéinten mer vläicht e gutt Resultat maachen. Mir hunn awer och matkrut dass Italiéiner an Englänner um Training Routaen an Bréissemen vun 1–2 kg gefaangen hunn.

Den offiziellen Training ass dunn dat komm wat eis Genéck gebrach huet. 1 Mann huet Fudder ëmgestallt an huet nëmmen op Bréissemer gefëscht. Mat Erfolleg. Net nëmmen dass Fudder super war an Bréissemen richteg dra gespruddelt hunn méi en huet der 2 gefaangen an dat net um Fudder méi 2 Meter méi weit wéi Fudder louch.



Den Hali an senge Element

Hien hat e Gewiicht vun 2960 gr. Am C Secteur war dat deen Dag eent vun deenen décksten Gewiichter. An eisem "jugendlechen Liichtsënn" hu mir dunn eis Taktik fir déi 1 Manche ëmgestallt an déi 1 Stonn alleguer op de Gobbie gefëscht an duerno op 13 m versicht eng Bréissemer ze krogen. Et ass voll donéiwend gaangen an mir sinn op der leschter Platz gelant. Mir waren all geknéckt.

Déi 2 Manche hu mer dunn déi 2 éischt Stonnen op de Gobbie gefëscht an dunn probéiert eng Bréissemer ze fänken. Am Secteur A huet den Marc Haliniak 4 Stonnen nëmmen op den Gobbie gefëscht an huet hei eng formidabel 4 Platz gemaach.

Mir hunn eis des Manche dunn e bësschen erëmgefaangen an konnten déi lëscht Platz mat enger däitscher Equipe tauschen. Eng Bréissemer hate mer och deen Dag net gefaange.



d'Equipe vun Hollerech mam Trainer an dem Staff

Fazit vun dëser WM

Organisatoresch war et een Desaster. Et war eng puer Geldmaacherei. Mir Fëscher kämpfen em Iwwerliewen an dann hues de eng Federatioun déi eng ganz WM op Kopp geheit. Wéi sot en belschen Verantwortlechen zou eis. "Quand je vois ça j'ai honte d'être belge". Dat séit alles.

Fir déi Hollerecher war eng super Léier. Eis Moyenne Age leit bei 66 Joer. Weinstens am Alter louchen mer am Klassement op der 1éschter Platz. Mir haten et hei mat Géigner ze dinn déi tëschent 30 a 40 Joer haten. Mir waren eis bewusst dass mer Fëschen op de Routa an Bréissemer verléiert hunn. Haut ginn verschidden Techniken ugewannt déi mir net méi kënnen an och net beherrschen. A besonnesch an engem Kanal. Mir hunn eis op de Gobbie agestallt méi déi aner Natiounen kënnen dat och a munch Natioun kann eis och do eppes virmaachen.

Wat fir eis awer gezielt huet, dat war dass mer eng gutt Komerodschaft haten an dass mer all Dag versicht hunn Lëtzebuerg würdeg ze verféiden. Dass eis dat leider net esou gelongen ass wéi mer eis dat virgeholl haten ass schued. Mé eng Nidderlag schweesst ëmmer zesummen.

Allez Hollerech

mr

FLPS VERÄINSKLASSEMENT – SAISON 2022

1	Feelen	6,0
2	Péiteng	8,0
3	Stadbriedemes	16,8
4	Eechternoach	24,0
5	Goodyear	27,6
6	Beetebuerg	30,0
7	Steesel	35,0
8	Waasserbëlleg	37,0
9	Hollerich	38,0
10	Diekirch	44,0
11	Vianden	48,0
12	Rosport	56,4
13	Gilsdorf	63,6



6ten Challenge « Fëscherliss »

No e puer schwieregen Joren fir d'Sportfëscher um Stau, wéinst Bloalgen an der sanitärer Kris, dierften mir, d'Fëscher a Kolleegeen Ueschdrëf 2000, dëst Joer nees eisen traditionellen Concours ofhalen. Séit iwwer 20 Joer organiséiert den Veräin dëst Präisfëschen an dozou gehéiert och een speziellen Challenge: dëst Joer war et déi 6. Ronn vum « Fëscherliss ». Sonndes den 28. August hunn sech duerfir ronn 60 Fëscher aus 11 Veräiner aus dem ganzen Land Moies fréi zu Ueschdrëf am Prossenhaus afonnt fir eng Stand Nummer ze zéien.

Vun 9:00 bis 12:00 Auer konnten Sie weisen wéi een bei der Misère's Bréck oder um Béiwener Aarm, Blénkert, Piisch, Goujon an aner Fësch fänkt, och wann dëst, um Stau nitt ëmmer einfach ass. No dem Ofweien, sinn all d'Fësch nees an hiert gewinnten Waasser gelooss ginn.

No enger gudder Portioun Spaghetti an nodeems d'Klassement stoung, sinn déi beschten Fëscher an Veräiner feierlech mat Präisser an Pokaler belount ginn.

Den Pokal fir den beschten Veräin, gouf iwwerreecht vum Myriam Binck, 1. Schäffen vun der Gemeng Rammerich.

„Feelen 92“ dierfen sech, fir déi 3. Kéier als Gewënner aschreiwelen an den Wanderpokal “Fëscherliss” dofir mat heem huelen. Bis d'nächst Joer hunn mir elo Zäit eis een neien Challenge afalen ze loossen.

Als eenzeggen Veräin, deen nach esou een Concours um Stau organiséiert, probéiere mir all Joer esou gutt wéi et geet d'Stänn un den Uferen an der Rei ze halen. Een groussen Problem dobäi sinn ëmmer nees Fëscherbooter no deenen nitt gekuckt gëtt oder schlecht festgemaach sinn. Et géif eis als Fëscher freeën, wann déi Problemer geléist kënne ginn.



An den eenzelen Kategorien hunn gewonnen:

SENIOR:	LACOUR Jeannot	(Feelen 92)
VETERAN:	SCHMIT Nico	(La Perche Steinsel)
DAMES:	BERNARD Anouck	(Amis Diekirch)



Gruppenfoto mat den Gewënner vum Challenge Fëscherliss 2022:

75 Joer Sportfëscher Club Ettelbréck



D'Jubiläumsfeier wor e grouss Succés. Déi Ettelbrécker Sportsfrënn haten sech eng grouss Méih gin, fir de Jubiläum zu engem groussen Fest ze maachen. An den Aquarien sin einheimesch Fësch geschwomm. U groussen Pannoen waren immens vill Fotoen opgehaangen, déi si während Méint ausgegruven haten. D'Meckefëscher hu prächteg Mecke gebonnen. Niewent dem Fuendel hanner dem Riednerpult stungen d'Fuendelen vum Verein a vun der FLPS. Ee monumentale Gebuertsdaachkuch wor d'Krënung vum Festmenü. Bref, d'Deichhal stung ganz am Zeeche vun der Fëscherei.

Eng graphesch an inhaltlech gutt zesummegesate Broschür erzielt d'Geschicht vum Verein, d'Engagement fir d'Fëscherei a fir de Verband, d'Erfolger fir d'Memberen am Laf vun de Joren. (Brochüre fann dir op : www.spfcettelbreck.lu)

Déi vill Leit, déi bei der Séance académique derbei waren, konnten perséinlech Souveniren austauschen an dat iwert engem ganz gudden lëssen. Ee geleckte Konveniat!

A propos Séance académique: Si gouf ageleed duerch eng kleng religiéis Cérémonie an där un déi verstuerwe Memberen geduecht gouf. De sympathesch Geeschtlechen huet nët nëmmen seng relativ problematesch Erfahrungen mat der Fëscherei erzielt, mä hien huet virun allem d'Fëscherei als Erlebens mat der Natur

gewürdegt, een Erlebens, dat an der stressseger Zeit vu grousser Wichtigkeet ass.

De Sekretär Pol Hari hut d'Vereinslieden vu gëschter an haut skizziert an all deenen Merci gesot, déi sech bei den Ettelbrécker Sportfëscher engagieren.

Den Här Buergermeeschter wosst genau wou de Schong bei de Fëscherei dréckt, hien huet d'Engagement vun der Gemeng fir de Verein bekräfigt an och op d'Efforen higewisen, fir d'Waasserqualitéit ze verbessern.

Ee Jubiläum, ee Fest, dat Spaass gemaach huet.

JS





Eis Fësch, eis Baachen a Flëss

Parlamentaresch Ufro: Vill Text fir naischt ze soen ...

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6837 vum 14. September 2022 vum éierwäerten Deputéierten Här Fred Keup iwwert „Population de poissons“

An engem Interview, deem den 12. September am Quotidien publizéiert gouf, fuerdert de President vum Verband vun de Sportfësch, fir den Hierscht a Wanter eng Bestandsopnam vun den Auswirkungen vun de waarme Sommertemperaturen op d'Flora a Fauna vun eise Gewässer an domat och d'Fëschbestänn ze lancéieren an op Basis vun de Resultater eng geziilt Repopulationsstrategie ze entwéckelen.

Gesäit d'Madamm Minister vir, fir sech déi zitéiert Fuerderung zu eegen ze maachen? Falls net, firwat net?

Een zousätzleche Monitoring fir den Hierscht/Wanter 2022 ass aus Ressourcegrënn net virgesinn. Doriwwer eraus ass et wëssenschaftlech méi sënnavoll e Monitoring am Fréijoer/Summer 2023 ze lancéieren, wou een dann och d'Reproduktioun vun de Salmoniden (notamment Baachfellen) a Cypriniden mat erfaasst, fir den Impakt op d'Fëschpopulatiounen besser evaluéieren ze kënnen.

Et ass awer ze präziséieren, dass e spezifesch Monitoring fir den Impakt vun enger Drécheperiode ze evaluéiere just Sënn mécht, wann een déi selwecht Gewässerstrecke matenee vergläicht. Deemno realiséiert d'Waasserverwaltung jo säit Joren e Monitoring op de Baachen a Flëss am Kader vun der europäescher Waasserrahmenrichtlinn (2000/60/CE) den all Joer stattfënnt a wou een d'Resultater vu verschiddene Jore ka matenee vergläichen.

Et ass awer och ze bemierken, dass der Waasserverwaltung an der Saison 2022 kee gréissert Fëschstierwe bekannt ass. Dat heescht awer net, dass déi laang Drécheperiod keen Impakt op d'Fëschpopulatiounen hätt. Et ass sécherlech net auszuschléissen, dass et zu lokale Stéierungen an der Fëschpopulatioun kouw. Den eventuelle Verloscht ass awer ganz schwéier anzuschätzen, virun allem wat déi verpachte Gewässer ubelaangt.

Der aktueller Situatioun vun de Fëschpopulatiounen no deem dréchene Summer gëtt, sou wäit méiglech an néideg, am alljäreche Besaz vun den öffentleche Gewässer Rechnung gedroen.

De Besaz eleng ass awer net d'Léisung fir d'Populatiounen no enger Dréchent wéi se dëst Joer war, opzebauen an ze stäerken. Et ass net méiglech een aquatësch Ökosystem alleng duerch Fëschbesaz erëm opzebauen. Et kritt een nämlech net all d'Fëscharte vun enger typescher Fëschgemeinschaft um Marché ze kafen, an dobäi kënn och, dass d'Nahrungsquell vun de Fësch, notamment déi kleng Insekten an Nährdiercher déi indispensable fir d'Fëschpopulatiounen sinn, duerch déi extrem Dréchent zréckgaange sinn, sou dass e Risiko besteet, dass d'Ëmweltbedingungen net onbedéngt optimal sinn, fir dass de Fëschbesaz kann iwwerliewen.

Et ass gewosst, dass gesond an nohalteg Fëschbestänn an hir nohalteg Notzung op intakte Liewensraim baséieren. Dofir ass et

N° 6837
Entrée le 14.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.09.2022

adr
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
Président vun der Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzuleeden.

An engem Interview, deem den 12. September am Quotidien publizéiert gouf, fuerdert de President vum Verband vun de Sportfësch, fir den Hierscht a Wanter eng Bestandsopnam vun den Auswirkungen vun de waarme Sommertemperaturen op d'Flora a Fauna vun eise Gewässer an domat och d'Fëschbestänn ze lancéieren an op Basis vun de Resultater eng geziilt Repopulationsstrategie ze entwéckelen.

An deem Zusammenhang géif ech der Madamm Minister gär dës Fro stellen:

1) Gesäit d'Madamm Minister vir, fir sech déi zitéiert Fuerderung zu eegen ze maachen? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

ëmsou méi wichteg, Moossnamen ze ergräifen fir d'Gewässer an en naturnoen Zoustand ze bréngen.

Effikass Moossname sinn ënner anerem eng Beschattung vum Gewässer duerch eng natierlech Ufervegetatioun opkommen ze loossen, an des Weideren kënschtlech Stauberäicher, déi sech séier ophëtzen, ze besäitegen andeems déi natierlech Flëssdynamik vun enger Baach rëm hiergestallt gëtt. Och ass et wichteg, méiglechst vill Struktur an d'Flëss an d'Baachen ze bréngen fir de Fësch bei Dréchent an Hëtzt Réckzuchsméiglechkeeten ze bidden, ënner anerem duerch d'Uleeë vu méi déiwe Beräicher. An der Perspektiv vum Klimawandel ass et deemno ëmsou méi wichteg déi aquatësch a semi-aquatësch Liewensraim mateneen ze vernetzen an d'Gewässer an hiren naturnoen Zoustand zréck ze féieren, sou dass bei enger Erwärmung vun de Gewässer Réckzuchs- an Iwwerliewensméiglechkeete fir Planzen an Déieren a notamment Fësch geschaf ginn.

E strukturräicht Gewässer mat vill verschiddene Liewensraim déi matenee vernetzt sinn, mécht e Flosssystem am allgemenge méi widerstandsfäeg vis-à-vis vun de Klimaverännerungen deenen d'Gewässer zukünfteg wäerten ausgesat sinn.

Lëtzebuerg, den 17. Oktober 2022

(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung

Concerne les modalités de repeuplement dans le Bassin du Lac supérieur d'Esch-sur Sûre

Pour tous ceux qui sont concernés par des mesures de repeuplement dans le Lac supérieur de la Haute Sûre, le point de rencontre se trouve depuis des années au „Schumann“.

Les dernières livraisons provenaient surtout de France ou de Belgique. Nous voulons proposer par la présente pour de tels transferts le déplacement du point de rencontre à la localité de Arsdorf, ce qui présenterait l'avantage d'un trajet plus court et d'un gain de temps considérable. Le trajet à faire serait: Autoroute E25 jusqu'à hauteur d'Arlon, N8, N4 jusqu'à Martelange-Rombach, „de Kimm“ (Riesenhaff), tourner à gauche vers Arsdorf.

Dans l'espoir que notre suggestion trouvera votre accord, nous vous exprimons nos salutations respectueuses.

Carlo Hardt Coordinateur

Fëscherei als Liewensinhalt (9)

8. Abrëll 1990: Katastroph op der Uewersauer



Ein Loblied auf die Arbeiter, die sich durch ihre fast unzumutbaren Bemühungen um die Natur und die Fischerei verdient gemacht haben.

Foto: Fëscher a Jéer No 3/90, S. 36

Als neie President vun eiser Federatioun gouf ech direkt an d'kaalt Waasser gehäit. Fir d'éischt hu missen e puer Ëmännerungen am Sekretariat gemaach ginn. Dunn hunn ech un engem Hearing an der Chamber iwwer Gewässerschutz deelgeholl. Dat war natierlech keen einfachen Exercice, mä ech hat d'Chance op d'Ënnerstëtzung vun e puer Spezialiste zielen ze kënnen, ënner anerem den Dr. Georges Theves.

Déi éischt Sitzunge ware fir mech virun allem net einfach, well an dem klengen Büro ouni Fënster op der Wallisplaz vun eenzele Kollege massiv gedämpft gouf! Als Net-Fëmmert war dat natierlech eng Zoumuddung an no der Sitzung hunn d'Kleeder missen e puer Deeg gelëft ginn. Zu der Zäit huet nach kee sech Gedanken ëm ee Fëmmverbuert gemaach. Spéitstens wéi mir op Itzeg geplënnert sinn hunn ech awer ee Muechtwuert vis-à-vis vun de Raacherte geschwat. Vun do un hu si missen virun d'Dier goe wann se gären eng gepafft hunn! Ech muss awer soen, datt dat op alle Bänken akzeptéiert gouf.

Et huet net laang gedauert a scho koum den éischte gréissere Problem op d'Federatioun duer: den 8. Abrëll 1990 ass bannen e puer Stonnen d'Uewersauer vu Maarteleng bis an de Stauséi duerch ee Camionsaccident, dee Monochloressegssaiier gelueden hat, komplett zerstéiert ginn. Erënnerunge un de schrecklechen Accident vum 21. August 1967 koumen natierlech direkt héich, wou ëmmerhin 21 Leit hiert Liewe verluer haten. Glécklecherweis waren dës Kéier keng Mënschen zou Schued komm. Mä den ökologesche Bilan war ganz dramatesch: Mindestens 10 Tonnen doudeg Fësch a keng Mikroorganisme méi. D'Flora war zerstéiert. Déi Biller kann een haut nach net vergiessen: iwwerall eng ofgestuerwe Natur. Een Trauma fir all Fëscher.

Si stounge wéi verwuerzelt laanscht d'Ufer a konnten hir Rose-rei net verheemlechen. Si hu gelidde mat de Kreaturen, déi hinnen sou un d'Häerz gewuess waren an déi lues a lues vun der Saier erwiert goufen. Eenzeler konnten hir Tréinen net zréck behalen. A während ville Stonnen huet d'Land den Otem ugehalen, well déi vergëfte Britt sech Richtung Stauséi, eisen nationalen Drénkwaasserreservoir, beweegt hat. Gefaart gouf, datt de Super-Gau géng antrieden. Glécklecherweis konnt dat Allerschlëmmst verhënnert ginn.

Et waren d'Fëscher déi als éischt, wéi esou oft, Alarm geschloen haten. Et waren och si déi een Informatiouns- a Kommunikatiounstelefon agesat haten. Eise Verband huet direkt ee Pressecommuniqué eraus ginn an hat net mat Kritik un den zoustännegen Autoritéite gespuert. Während 10 Deeg hu missen Aarbechter vun der Forstverwaltung an dem Service des Barrages vun de Ponts et Chaussées ënner schwierige Konditiounen déi doudeg Fësch aus der Kloak eraus huelen. D'Fëscher haten och eng Bestandsopnam vun de Fësch tëschen dem Wier Neimillen an der Bréck zu Maarteleng gemaach. Ronn 22 Fëscharte konnte festgestallt ginn. Dat huet bewisen, wéi villfältig d'Fëschpopulatioun zu deem Moment war.

De schrecklechen Accident hat natierlech fir vill Diskussiounen gesuergt. Esou gouf op Initiativ vum Mouvement écologique mat Bedeelegung vun der FLPS eng grouss Protestversammlung um Stauséi organiséiert, wou Honnerte vu Leit präsent waren. Déi dramatesch Erliwanner sinn haut nach net vergiess a si hu bewise, wéi fragil eisen aquatesche Milieu ass. Dofir musse mir Fëscher weiderhinn d'Roll vum Wiechter spillen.

Graas Gusty